



MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, zum Projet 7135 betreffend d'Renovatioun an d'Vergrësserung vum Lycée Michel Rodange. An d'Wuert huet erëm déiselwecht Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

13. 7135 - Projet de loi relatif à la rénovation et à l'extension du Lycée Michel-Rodange à Luxembourg

Rapport de la Commission du Développement durable

► Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zrëck bei d'Schoul. Bei dësem Projet de loi handelt et sech ëm d'Renovatioun an ëm den Ausbau vum Lycée Michel-Rodange um Campus Geeseknäppchen, déi heimat finanziert solle ginn.

Dëse Lycée regroupéiert all Niveauen an all Sektione vum Enseignement secondaire classique mat insgesamt 1.400 Schülerinnen a Schüler, déi a 60 Klassen opgedeelt sinn. Wéi vill aner Lycéeën ass och de Lycée Michel-Rodange an engem Gebai aus de 70er Joren ënnerbruecht. Derbäi kënnt an dësem Fall e provisoeresche Pavillon, deen Ufank 1990 derbäigesat ginn ass a grad wéi d'Hauptgebai iwwerlieft ass.

Fir d'Existenz vun dësem gutt besichte Lycée ofzesécheren, soll mat dësem Projet de loi e modern, grousst an zäitgeméisst Gebai fir dës Schoul finanziert ginn. Domat ka gläichzäiteg och der Entwécklung um Niveau vun de Schoulprogrammer an den Unterrechtsmethode Rechnung gedroe ginn, beispillsweis fir d'Organisation vun den Travaux pratiques, den Travaux dirigés, dem Projetunterrecht, den Informatikcoursen an aneren, déi et fréier nach net gi sinn, mä och fir déi néideg Plaz ze schafe fir d'Restauration scolaire, de SPOS, d'Bibliothék, d'Archiven, de Schoultheater, d'Direktioun, d'Versammlungsraum, den Accueil an esou weider an esou fort. Nun emol alles, wat zu engem modernen, attraktive Lycée soll gehéieren.

Wat d'Sportsinfrastrukturen ugeet, sou kënnen d'Schüler vum Lycée Michel-Rodange weiderhi vun der bestoender Schwämm um Campus Geeseknäppche profitéieren. Ofgerappt an nei gebaut gëtt awer déi bestoend Sportshal vum Lycée, well déi zwee getrennte Raim et net erlaben, sämtlech Sportscoursen adequat ze organiséieren.

Konkret heescht dat, datt eng grouss Sportshal gebaut gëtt, déi jee no Cours an dräi Unitéite kann agedeelt ginn. Derbäi kënnt eng sougenannt Salle multifonctionnelle mat den néidege Vestiaires, neien Duschen an engem Lokal fir de Stockage vu Material.

Logescherweis gëtt dann och vum Chantier profitéiert, fir de Bauseberäich méi benotzerfrëndlech a méi gréng ze gestalten an och fir d'Accessibilitéit ze verbessern.

Wéi bei all Renovatioun leet d'Administration des bâtiments publics och bei dësem Projet Wäert op en nohaltegt Energiekonzept, mat enger gudder Isolatioun vum Gebai, enger natierlecher Ventilatioun, ekologesche Baumaterialien, a generell och op d'Reduktioun vun den Exploitationskäschten.

Ganz originell ass bei dësem Projet, et konnt een et schonn e puermol an der Press liesen, datt eng Begréngung vum Daach mat engem pädagogesche Gaart virgesinn ass. Dëst erlaabt net nëmmen den Ubau vu Geméis an Uebst um Daach vum Gebai, d'Daachbegréngung huet och en ekologeschen Impakt, well d'Reewaasser dem Gaart zeguttkënnt an net ofgeleet muss ginn, mä och well d'Daachbegréngung d'Gebai viru grousser Hëtzt schützt. Donieft gëtt och iwwer Fotovoltaikanlagen nogeduecht, fir Solarenergie do ze produzéieren.

De Präis vum ganze Projet läit bei 60 Milliounen Euro, mat enger viraussichtlecher Bauzäit vun dräi Joer. Während där Zäit sinn d'Schüler an där provisoerescher Struktur um Campus Geeseknäppchen ënnerbruecht, sou datt den Unterrecht net ënnert de Bauarbechte wäert leiden.

D'Exploitationskäschte ginn op 1,6 Milliounen am Joer geschätzt, sinn awer net Bestanddeel vun dësem Projet de loi. Fir méi Detailler zu deene ganze Bauarbechte verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport respektiv op d'Documents parlementaires 7135, wou sämtlech Pläng an all déi technesch Voiete vum Projet ze fanne sinn.

Deposéiert gouf dëse Projet de loi den 11. Mee 2017 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch. A sengem Avis vum 26. September 2017 huet de Statsrot sech positiv zu dësem Projet de loi geäussert. An och an der Kommissioun vum 23. November ass mäi Rapport vun alle Säite guttgeheescht ginn.

Nach e puer Wierder als Vertrieederin vun der grénger Fraktioun: Ech wëllt lech invitéieren, dëse Projet de loi ze stëmmen, well en einfach emol e wichtige Bausteen duerstellt, fir d'Lyceesoffer am Zentrum vum Land weiderhin ze verbessern.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci och der Rapportrice. Eischte Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Discussion générale

► M. Serge Wilmes (CSV).- Merci, Här President. Ech hunn net wëllen, eng grouss Ried ze halen. D'Madamm Lorsché huet esou detailléiert dee ganze Projet hei elo grad explizéiert. Ech soen e grouss Merci fir hire Rapport a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► Une voix.- Très bien!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci. Dann huet den Här Georges Engel d'Wuert. Ech ginn dovun aus, dass en datselwecht wäert maachen.

► M. Georges Engel (LSAP).- Jo, ech maachen datselwecht: och Merci un d'Madamm Lorsché an och vun eiser Säit dann den Accord vun der LSAP fir dëse Projet. Merci.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- An ech gi wuel net ze wäit, wann ech och mengen, dass den Här Graas datselwecht wäert maachen.

► M. Gusty Graas (DP).- Et hätt een zwar nach viles zu deem Projet do ze soen. Et ass e ganz interessante Projet. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et dierf ee jo net vergiessen, datt schonn 1968 déi éischt Ufäng vun dem Lycée Michel-Rodange geluecht gi waren an datt sech do entre-temps natierlech e Gebai entwéckelt huet, wat an d'Jore komm ass, an datt et evident ass, datt dat och elo muss renovéiert gi respektiv och ausgebaut ginn. D'Zuel vun de Klassen, déi ass jo dann op 60, an d'Moyenne (veuillez lire: d'Moyenne vun de Schüler pro Klass), déi ass op 24 erofgaangen. Ech ka mech erënneren, wéi ech op Septième war, du ware mer nach zu 37. Och do gesäit een also, wéi d'Zuel vun de Klasseneffektiver erofgaangen ass.

Mir als Demokratesch Partei kënnen dee Projet hei nëmme begrëissen an d'Regierung och ënnerstëtzen, op deem Wee do weiderzefueren, well et si jo nach eng Rei aner Gebaier, déi an Zukunft mussen renovéiert ginn, besonnesch um Niveau vum Geeseknäppchen. Ech denken un d'École de Commerce et de Gestion.

Ënnert dem Stréch, jiddefalls nach eng Käier och e Merci fir de Rapport vun der Madamm Lorsché. Ech gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der DP. Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci och. Den Här Reding huet d'Wuert.

► M. Roy Reding (ADR).- Jo. Merci, Här President. Ech hu mat Freed héieren, datt d'Schüler während dem dräijärege Bau oder Embau a provisoeresche Strukturen ënnerbruecht ginn. Dat war beim Bau uganks de 70er Joren net de Fall, wéi d'Schüler deemools hu misse mindestens zwee Joer op enger Baustell verbréngen, wouriwwer mäi Fraktiounskolleeg Fernand Kartheiser kann e Lidd sangen, well hie war bei deenen, déi deemools dohinner rekrutéiert goufen.

(Interruptions diverses)

Dat ass eng wonnerbar Saach. Fir de Rescht begrësse mir als ADR selbstverständlech dëse Projet a wäerten e mat Freed matstëmmen. Merci un d'Rapportrice.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci och. Nach nodréiglech eis Compassioun!

► Une voix.- Jo!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ech ginn och dovun aus, dass den Accord kënnt?

► M. David Wagner (déi Lénk).- Jo!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci. Dann huet den Här Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.- Merci och hei, Här President, un d'Rapportrice a Merci fir déi breet Zoustëmmung, déi kënne mer gebrauchen. Merci.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci. An da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7135 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Besser kann een den Dag jo net ofschléissen. Domat ass de Projet 7135 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Alex Bodry) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Ech géif lech nach froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott kënne froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous fir d'ëffentlech Sëtzung ass den nächsten Dënschdeg um hallwer dräi. A bis dohi schaffen eis Kommissiounen op Héichtouren.

(Fin de la séance publique à 18.09 heures)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique  
- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Hommage à la mémoire de M. François Maroldt, ancien Député  
- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Communications  
- M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. Ordre du jour  
- M. Mars Di Bartolomeo, Président

5. Déclaration de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire  
- M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

6. Débat sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire  
- Débat: M. Marcel Oberweis, M. Marc Angel, M. Gusty Graas (question de M. Fernand Kartheiser et intervention de M. Roy Reding), M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (questions de M. Marc Angel et intervention de M. David Wagner) (dépôt d'une motion), M. David Wagner (interventions de M. Marc Angel, M. Franz Fayot, M. Eugène Berger et Mme Viviane Loschetter)  
- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (question de M. Marcel Oberweis)

7. Motion de M. Laurent Mosar relative à la crise humanitaire en République du Yémen